N°2235
Entrée le 22.05.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°2235 vum 22. Abrëll 2025 vum éierbaren Deputéierten Tom Weidig**

**1) Wéi vill Schanklizenze ginn et hei zu Lëtzebuerg**
**- vum Typ „Privilège" (un e Gebai gebonnen)?**
**- vum Typ „Volante"?**
**- vum Typ „Hors nombre"?**

D'Unzuel vu Lizenzen pro Typ läit aktuell bei :

- Lizenz « débit unique » : 52
- Lizenz « privilège »: 517
- Lizenz « volante »: 1.654
- Lizenz « hors nombre »: 1.043

**2) Ginn et soss nach aner Typpe vu Schanklizenzen?**

Nee.

**3) Wéi vill vun alle Lizenze ginn aktiv benotzt?**

Vun de virgenannten Lizenzen ginn der aktuell 2.767 aktiv benotzt.

**4) Verfält eng Lizenz, wa se net méi benotzt gëtt no engem bestëmmten Zäitraum? Wann net, ass dru geduecht, dat ze änneren?**

D'Cabaretage-Gesetz gesäit vir wéini Lizenze verfalen. Dëst ass z.B. fir eng Lizenz vum Type „privilège" oder „volante" de Fall, wann am Laf vun engem Kalennerjoer d'Exploitatioun vun der Lizenz net effektiv ausgeüübt gouf oder wärend sechs Méint hannereneen ënnerbrach war. Den Titulaire vun der Lizenz kann awer eng Dispense vun der Exploitatioun beim Direkter vun der Douane ufroen. Esou eng Dispense gëllt maximal fir fënnef Joer, vum Datum vun der Demande un.

**5) Gëtt et e Regëster vun de Schanklizenzen? Wat fir Informatiounen hält de Regëster pro Schanklizenz fest (z.B. den Typ, ob se aktiv ass, a wat fir enger Gemeng se ass, asw.)? Ass dee Regëster ëffentlech?**

D'Douane ass zoustänneg fir d'Lizenzen ze geréieren. Déi verschidden Donnéeë ginn an engem interne Regëster gespäichert:

- Lizenznummer
- Typ vun der Lizenz
- Status vun der Lizenz
- Datum vun der Autorisatioun

- De Montant vun der Jorestax
- Numm an Adress vum Ausschank
- Numm, Adress a Matricule vum Besëtzer vun der Lizenz
- Numm, Adress a Matricule vum Débitant
- Numm, Adress a Matricule vum Gérant
- Numm, Adress a Matricule vum Sous-Gérant.

Dëse Regëster ass net ëffentlech.

**6) Wann net, gëtt dru geduecht, esou ee Regëster unzeleeën an ëffentlech ze maache fir méi Transparenz?**

Bedéngt duerch den Dateschutz gëtt et keen ëffentleche Regëster an et ass aktuell och net geplangt esou een unzeleeën.

**7) Kënnt Dir eis matdeelen, wéi déi Zuele sech an de leschten zéng Joer entwéckelt hunn, haaptsächlech wat den Typ „Hors nombre" ugeet?**

Hei d'Entwécklung vun de Lizenze vum Typ „hors nombre" :

| 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 851 | 898 | 920 | 952 | 979 | 993 | 1008 | 1021 | 1023 | 1043 |

**8) Wat ass de Präis vun enger „Hors nombre" Schanklizenz**
**- fir ëffentlech Ariichtunge wéi z.B. Gemengen?**
**- fir privat Persounen?**

Den Artikel 6 vum Cabaretagegesetz gesäit eng Taxe d'établissement vun 2.400 Euro bis 4.900 Euro vir, plus 2.200 Euro wann den Demandeur keng Verzichtserklärung op eng Lizenz vum Typ « privilège » oder « volante » ka virweisen. Dozou kommen dann nach d'Eréffnungstax an d'Jorestax, déi allebéid am Verhältnis zur Awunnerzuel variéieren.

**9) Wei vill Schanklizenze vu jeeweils all Typ befanne sech an den Hänn vun de Brauereien**
**- duerch direkte Besëtz?**
**- duerch Pachtvertrag?**

D'Brauereie sinn am Besëtz vun 1.196 Lizenzen, opgedeelt op:

- Lizenz « privilège »: 2
- Lizenz « volante »: 1.147
- Lizenz « hors nombre »: 47

Der Douane ass net bekannt, ob Exploitanten ee Pachtvertrag mat enger Brauerei ofgeschloss hunn.

**10) Ass bekannt, wéi vill Bedreiwer mat enger Exklusivitéitsklausel an hirem Kontrakt hunn?**

Och dës Informatioune sinn der Douane net bekannt.

Lëtzebuerg, den 22. Mee 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth